



# 66ème Championnat du Monde Pêche au Coup par Nations 2019

Canal DTD – Novi Sad SERBIA

02.09.2019 – 09.09.2019

SEPTEMBER

04

Bericht vum Fernand Schmitt vum 4. Dag

---

## Trainingsdag 3 aus Serbien.

Haut souzen mir am D Secteur an der Box 24. Wou mer gemengt haten, nodeem gëschter héich Scoren aus deenen 2 ieweschten Secteuren gemellt goufen, dass mer eventuell haut méi géifen fänken, sinn mer vum Départ un ellen enttäuscht ginn. Den Kanal war wei dout. Ufanks sinn zwar vereenzelt Fësch gefaangen ginn, mee Zielbares wor net dorënner.

Un wat et geleeën huet. Wiederëmschwong nees, méi waarm, kloeren Himmel, keng Loft. Iwwerall duerch deen ganzen Secteur bei allen Natiounen laang Gesiichter.

Et ass schonns fréi ëmgebaut ginn. Rappel vill éischer ewéi ausgemaach. No enger Stonn hunn mer mol ugefaangen vereenzelt Fësch ze fänken. Haaptfësch wor haut kloer den Katzefësch. Vereenzelt Plaquettes konnten och nach gefaangen ginn. Wéi gesot, manner Fësch aus deem ganzen Secteur wor ze vermelden.

No 4 Stonnen mat Gewiichter zwëschen 2200 an 4500 Gramm konnten mer awer feststellen, dass mir an eise Secteur, géif ech mengen, déi meeschten Fësch haut haten an der Moyenne.

Mir wäerten sécherlech den Owend nees eng Diskussionsronn féieren. Mee wann et fruchtet an mir eis weider kéinten steigern, dann sinn déi Sitzungen och net emsoss.

Ech well och haut mol deem ganzen Staff deen mat ass een decken Luef ausschwätzen, well et mierkt en duerch déi wichteg Aarbechten am Virfeld, Fudder mëschen, Buedem an Argile siften, Äschen botzen an wat alles nach esou usteet, den Fëscher vill Aarbecht ewech geholl gëtt an déi doduerch méi Zäit hunn, an sech nëmmen brauchen em hiert Geschir ze bekëmmern.

Muer dann Trainingsdag Nummer 4 an der Box Secteur A.

Muer mellen ech mech nees an hoffen dass ech weider Positives berichten kann.





# 66ème Championnat du Monde Pêche au Coup par Nations 2019

Canal DTD – Novi Sad SERBIA

02.09.2019 – 09.09.2019

SEPTEMBER

04

Bericht vom Fernand Schmitt vom 4. Dag

